ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Premierminister däerfen ze stellen.

Groussbritannien bereet e Referendum vir, an deem d'Bierger sech mussen entscheeden, aus der Europäescher Union auszetrieden oder dran ze bleiwen. An dem Kader huet, en Dënschdeg, den 2. Februar, de President vum Europäesche Rot mam Premierminister vu Groussbritannien e Projet fir en Accord ausgeschafft, deen nei Regele virgesinn.

Et sinn dës:

- *eng „Noutbrems" fir zäitweileg an ënnert bestëmmte Viraussetzunge sozial Hëllefe fir intra- europäesch Migrante kënnen auszesetzen;*
- *de Subsidiaritéitsprinzip soll verstäerkt gi mat engem System vun der rouder Kaart, mat deem eng Majoritéit vun national Parlamenter kënnen europäesch Legislatioune blockéieren;*
- *eng Dispositioun, datt d'Rechter vun de Memberstaten, déi net am Euro sinn, besser berücksichtegt ginn;*
- *d'Kompetitivitéit vun de Memberstate verbessert gëtt, andeems d'Legislatioune vereinfacht ginn a Grenze fir den Handel erwäch falen;*
- *Groussbritannien soll net méi verflicht si fir eng weider politesch Integratioun an d'Europäesch Union.*

Iwwert dëse Projet fir en Accord soll am Europäesche Conseil vum 17. an 18. Februar entscheed ginn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Premierminister dës Froe stellen:

1) *Wéi eng Haltung wäert d'Lëtzebuerger Regierung op deenen eenzelne Punkten anhuelen?*
2) *Deelt den Här Premierminister d'Meenung, datt eventuell Konzessiounen, déi d'Regierung vu Groussbritannien negociéiert huet, musse fir all Memberstat gëllen?*
3) *Op wéi e Wee géifen déi eenzel Moossnamen ëmgesat ginn (Ännerung vum Traité, Reglementer, Direktiven...)?*
4) *Wéi eng Konsequenzen hätt en Austrëtt vu Groussbritannien op Lëtzebuerg, am allgemengen an speziell op d'Finanzplaz?*
5) *Wéi eng Konsequenze kéimen op déi europäesch Institutiounen zou, déi de Siège zu Lëtzebuerg hunn, och wat Beamten aus Groussbritannien betrëfft?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten